

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "La Belgique envisage une troisième dose de vaccin" deen den 20. Mee am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt déi belsch Autoritéiten sech entretemps mat der Méiglechkeet vun enger drëtter Impfung géint de COVID-19 beschäftegen. Doriwwer raus befaassen si sech och mat der Méiglechkeet, datt d'Impfung méiglecherweis all Joers misst erneiert ginn, well d'Immunitéit méiglecherweis nëmmen 12 Méint unhält. No der Aschätzung vun de belschen Autoritéite besteet déi hypothetesche Méiglechkeet, datt d'Modalitéite vun der Impfung géint de COVID-19 sech laangfristeg deene géint déi saisonal Gripp ugläichen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär des Froe stellen:

- 1) Sinn der Regierung des Iwwerleeunge vun de belschen Autoritéite bekannt a wéi steet si dozou?
- 2) Falls déi Aschätzung vun de belschen Autoritéiten sech géif konkretiséieren, wéi eng zousätzlech Schrëtt wieren dann an der nationaler Impfkampagne virgesinn? Verfüügt d'Regierung fir sou e Fall schonn iwwer e Plan d'Action, deen déi wichtegst Modalitéiten vun enger Erweiderung vun der Impfkampagne (Budget, Zouliwwerer, Zuel vun den Dosen, Datum...) ëmfaasst?
- 3) Gëtt et sou e Plang och mat de wichtegste Modalitéite fir d'Koordinatioun vun enger erweiderter Impfkampagne (Kontakt vun de Leit, zousätzlech Personal, eventuell Prioritisierung...)?
- 4) Wéi eng politesch Conclusiounen géif d'Regierung am Kader vun der Aschränkung vun eise Grondrechter zéien, wann d'Aschätzung vun de belschen Autoritéite géif confirméiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten